



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. November 2021

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm
Gesondheitsminister weiderzeleeden.

D'Situatioun vun de Spideeler gëtt aktuell nees staark thematiséiert. Well rezent
Entwécklungen eng Hausse vun den Infektiounszuelen an Hospitalisatiounen weisen, gëtt eng
méiglech Iwwerlaaschtung vun de Spideeler gefaart. Elo scho gëtt driwwer geschwat, ob
d'Spideeler den Normalbetrib deemnächst méiglecherweis nees reduzéieren, respektiv
astellen.

D'Zuele vun den Hospitalisatiounen ginn der Aktualitéit ëmmer ugepasst an ënner anerem am
„Rapport journalier“ opgeléist a matgedeelt. Wann ee sech d'Opdeelung respektiv
d'Kategorië vun den Hospitalisatiounszuelen ukuckt, si verschidde Situatiounen net kloer
verständlech. Doduerch, datt verschidden Detailer net kloer erauskommen, kéint et zu
Mëssverständneser kommen.

„Hospitalisations de patients Covid confirmés en soins normaux (SN)
Hospitalisations de patients Covid suspects en soins normaux (SN)
Hospitalisations de patients Covid en isolement en soins normaux (SN)*
Hospitalisations de patients Covid confirmés en soins intensifs (SI)
Hospitalisations de patients Covid suspects en soins intensifs (SI)
Hospitalisations de patients Covid en isolement en soins intensifs (SI)*

*Les patients Covid-19 en isolement sont des patients dont le motif d'hospitalisation n'est pas
"Covid-19", mais qui ont une PCR SARS-COV-2 positive et bénéficient de mesures d'isolement.“

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Gesondheitsminister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi ginn déi Zuele vun den Hospitalisatiounen erhuewen? Wéini gëllt eng Persoun am
Kader vu Covid-19 als hospitaliséiert a wat sinn d'Viraussetzungen an d'Krittären, déi
fir dës Status berécksiichtegt ginn?
2. Gëtt et eng Richtlinn oder bestëmmte Krittären dofir, déi bestëmmen, wéini eng
Persoun wéinst Covid-19 muss
 - isoléiert ginn?
 - Intensivfleeg kréien?

3. Gëtt eng Persoun, déi aus engem anere Grond ewéi Covid-19 am Spidol läit, respektiv hospitaliséiert gouf, och an dës Statistike mat opgeholl,
 - wa si positiv getest gëtt a Symptomer weist?
 - wa si positiv getest gëtt a keng Symptomer weist?Ass et also méiglech, datt bei den Zuele vun den Hospitalisatiounen och Leit matgezielt ginn, déi keng Symptomer weisen?
4. Firwat gëtt just bei den Isolementer präziséiert, datt de Grond fir hir Hospitaliséierung net "Covid-19" ass, awer e positive PCR-Test hunn.(*)?

(„*Les patients Covid-19 en isolement sont des patients dont le motif d'hospitalisation n'est pas "Covid-19", mais qui ont une PCR SARS-COV-2 positive et bénéficient de mesures d'isolement.“)
5. Ass d'Madamm Gesondheitsminister gewëllt, dofir ze suergen, datt an deem Sënn méi Transparenz an déi hei genannten Zuelen a Kategorie bruecht gëtt, esou datt ëmmer och vermëttelt gëtt, wéi vill Hospitalisatioune jeeeweils Covid-19 als Grond haten oder hunn? Wann nee, firwat net? Wa jo, ass d'Madamm Minister bereet, dëst direkt ëmzesetzen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten